PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 31/01/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Energie weiderzeleeden.**

Laut engem rezente Bericht vun der Deutscher Umwelthilfe (DUH) gëtt et en dramatesche Wuesstem vun den indirekten LNG-Importer aus Russland an d'EU. D'Quantitéit ass am Joer 2024 op 20 Milliarden Kubikmeter geklommen, mat engem weideren Héichpunkt Ufank 2025. Dës Importer kommen haaptsächlech iwwer d'LNG-Terminallen a Frankräich, Spuenien, Holland, Italien an der Belsch an d'EU eran a ginn dann iwwert d'Pipelinenetz weiderverdeelt.

De bundeseegenen däitschen Energiekonzern SEFE importéiert weiderhi russesche Gas iwwer e franséischen Terminal. Wéinst der Vermëschung vum Gas am europäesche Pipelinenetz ass et bal onméiglech, d'Originne vum Gas nozeweisen. D'DUH schätzt, datt tëscht 3 an 9,2 Prozent vum Gas, wat iwwer Frankräich a d'Belsch importéiert gëtt, russesche Gas ass.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wéi vill Prozent vum Gas wat zu Lëtzebuerg verbraucht gëtt, kënnt iwwer franséisch a belsch Pipelinen? Kann de Minister preziséieren ob a wéi d'Regierung d'Originne vum Gas kontrolléiert?

2. Wéi positionéiert sech d'Regierung zu der aktueller Entwécklung vun den indirekten LNG-Importer aus Russland? Gesäit d'Regierung hei en Ëmgoe vun den EU-Sanktiounen?

3. Wéi eng konkret Moossname plangt d'Regierung fir d'Ofhängegkeet vu russeschem Gas weider ze reduzéieren an den Undeel vun erneierbaren Energien ze erhéijen?

4. Gesäit d'Regierung d'Méiglechkeet fir sech op EU-Niveau fir e komplette Stopp vu russeschem LNG anzesetzen, esou wéi et och bei Gas aus Pipelinen, Kuel an Ueleg de Fall ass?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten